ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
19 DEC. 2018
112

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi vu Luxemburger Wort gemellt a vun RTL bestätegt, gëtt et zu Lëtzebuerg nees Enkpäss beim Grippen-Impfstoff. Dowéinst hunn ech dës Froen un den Här Gesondheetsminister:

1. Wéi dacks an deene leschten 10 Joer ass de Grippen-Impfstoff hei am Land knapp ginn?
2. Ass et net méiglech, virzebauen a genuch vun deem Stoff anzelageren, fir datt et net zu dësen Enkpäss kënnt.
3. Wéi entwéckele sech d'Zuele vun de Leit, déi sech präventiv géint Gripp impfe loossen? Ass déi Zuel konstant, ass et eng reegelméisseg Entwécklung oder ass dës guer net virauszegesinn, fir kënnen ze wëssen, wéi vill vun deem Impfstoff misst gelagert ginn?
4. Ass et richteg, datt fir nächste Wanter nëmme nach ee Produzent (géint zwee Produzenten dëst Joer) Lëtzebuerg deen Impfstoff wäert liwweren?
5. Wat sinn d'Ursaachen, datt d'Offer esou ageschränkt gëtt (wirtschaftlech Konzentratioun am Pharmaberäich, e Produit, deen manner Ofsaz fënnt an aus de Sortimenter geholl gëtt, Schwieregkeeten beim Import) a wat kann doru geännert ginn.

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 19 décembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 112 du 19.12.2018 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Vaccins contre la grippe

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés